

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 23. Juli 2021

Här President,

Sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, biede mir lech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Ëmweltminister, den Här Energieminister an den Här Transportminister weiderzeleeden.

Duerch déi rezent Iwwerschwemmungen ass a ville Regiounen vum Land, fir länger Zäit de Stroum ausgefall, ënner anerem, well eng Rei Transformatoren duerch d'Héichwaasser beschiedegt goufen. Ëmsou méi mir eis ëffentlech a privat Transportinfrastruktur op Elektromobilitéit ëmstellen, ëm sou méi ufälleg géif se deementspreechend an änleche Krisesituatiounen.

An deem Zesammenhang géife mir der Regierung gär dës Froe stellen:

- 1) Wéi vill ëffentlech Borne fir Elektroautoen ze luede, sinn duerch déi rezent Héichwaasserkatastroph ausgefall?
- 2) Ganz vill Leit a Regiounen hei am Land goufe vun der aktueller Héichwaasserkatastroph um falsche Fouss erwëscht a vill Leit hunn hir Autoe ganz plötzlech misse réckelen. Wéi presentéiert sech sou eng Situatioun fir Elektroautoen, déi nach am Gaange sinn, ze lueden?
- 3) Plangt d'Regierung d'Sécherheet vun der Elektromobilitéit op Basis vun den aktuellen Erfahrungen nei ze evaluéieren?
- 4) Kann d'Regierung elaboréieren, wéi d'Elektromobilitéit beim CGDIS sech an den nächste Jore soll entwéckelen, wuelwëssend, datt d'EU de Verbrennungsmotor ab 2035 ganz wëll verbidden?

Mat déiwem Respekt,



Fred Keup
Deputéierten



Jeff Engelen
Deputéierten